Am Kader kontinuéierlechen Verbesserunge vun den Aarbechtskonditioune fir eis Agenten ënnerhëlt **DMS an Zesummenaarbecht mam INFS** regelméisseg Stéchprouwen vun der Otemloft an verschiddenen Aarbechtsberäicher - d'Werter aus den Analyse gi mat de gesetzleche virgeschriwwenen Héchstwäerter verglach - wann neidesch gi Géigen-Moossname getraff.

Folgend **Beräicher** si quantitativ op Emissiounen an der Otemloft **ënnersicht ginn**:

- Atelier fir Otemschutzgeräter / Mertert
- Logistik Agent (Preparatioun vun der Formatioun) / INFS Site - Waasserbëlleg
- Atelier Mécanique / Lëntgen
- Wäscherei / CNIS
- Erhëtzen Damp / CNIS Zone

Note: Des Miessungen ginn an der Regel iwwert Échantillon direkt un der Persoun selwer gemooss (dozou Bild ënnen) - dëst iwwert 8 Stonnen.

Fir den ARI-Atelier / Mertert an um INFS Site Wasserbëlleg goufe speziell follgend **Polluants** ënnersicht an erfaasst:

- Unzuel vu Stëbspartikele mat dem Undeel vu PM 2.5 (klenger ewéi 2.5 Micrometer) an PM10 (klenger ewéi 10 Micrometer)
- Polyzyklesch aromatesch Kuelewaasserstoffer fest a gasförmeg (vun enger Verbrennung hierstamend)
- Flüchteg organesch Verbindungen : n-Hexane; BTEX,MIBK (organesch Stoffer déi bei heigen Temperature gas förmeg ginn)
- Aldéhydes : Formaldéhyde; Acétaldéhyde (Verbindung mat Kuelenstoffatom am Moleküll)
- Isoprène

No den éischten Analysen, goufe folgend **Verbesserunge realiséiert**:

- Mechanesch Ventilatioun am ARI-Atelier / Mertert
- Verbrennen vun Holzspäin fir Damp ze maache gouf duerch eng Niwwelmaschinn ersat / um INFS Site Wasserbëlleg
- Beschafe vu spezifeschen Otemschutz-Maske fir d 'Agenten déi der schlechter Loft ausgesat sinn
- D 'Ëmgestalte vun Aarbechtsofleef (wäiss a schwaarz Trennung)

Néi Miessungen hunn an der Analyse konfirméiert dat duerch des Verbesserungen d'Werter nach weider erof gaange sinn, an Héchstwäerter säintens de gesetzleche Bestëmmunge wäit dorënner leien.

Allgemeng ass ze soen dat des Miessungen an der Präventioun dozou déngen eng **quantitativ Aussoen** iwwert d'Aarbechts-Konditioune wat d 'Otemloft-Qualitéit ugeet ze maachen.